LËTZEBUERGER
BICHEREDITEUREN

LUXEMBURGER BUCHVERLEGER
ÉDITEURS DE LIVRES LUXEMBOURGEOIS

Lëtzebuerger Buchpräis 2010 – Ried vum Susanne Jaspers, Präsidentin vum Verband vun de Lëtzebuerger Bicherediteuren

Här Buergermeeschter, Här Premier Conseiller de Gouvernement, Dir Dammen an Dir Häre vun der Gemeng Walfer, léif Auteuren, léif Kollegen vun der Lëtzebuerger Buch- a Kulturszeen, an e ganz besonnesch häerzliche Bonjour un de Pol Cruchten. Am Numm vun de Lëtzebuerger Bicherediteuren begréissen ech Iech heimadder beim 5. Lëtzebuerger Buchpräis.

't ass an dësem Joer fir d'drëtt, datt mir mam Buchpräis souzesoen d'„inoffiziell" Ouverture vun de Walfer Bicherdeeg sinn. Wéi d'Gemeng Walfer eis virun dräi Joer proposéiert hat, de Buchpräis donneschdesowes virun de Bicherdeeg hei am Zelt ofzehalen, huet eis dat aus verschiddene Grënn immens arrangéiert. Zum engen ass et natierlech e Pläséier, beim gréissten a wichtegsten Evenement rondrëm d'Lëtzebuerger Buch als – fir emol de Jargon vum Sujet vu dësem Joer opzegräifen – „Virgrupp**"** oder als „Opening Act" partizipéiere ze kënnen. An dat net nëmmen, well der Gemeng Walfer hir Gaaschtfrëndschaft vis-à-vis vun de Bicherwierm, hei am Land an iwwert d'Grenzen eraus, legendär ass. Anerersäits ass de mëttlerweil scho bal traditionelle Donneschdegtermin an der zweeter Hallschent vum November fir d'Editeuren déi optimal Geleenheet, fir sech kuerz virum Enn vum Editions-Joer, wann all Buch publiziéiert ass an d'Chrëschtdaagsventen amgaang sinn, endlech emol eng Kéier zréckzeleeën an am agreable Kader vum flottste Bicherzelt zu Lëtzebuerg – neen, net sech selwer ze feieren, wéi béis Zongen heiansdo behaapten, mä fir am agreable Kader vum flottste Bicherzelt zu Lëtzebuerg d'Lëtzebuerger Buch ze feieren.

Ier mir domater ufänken, wëll ech awer dat vergaangent Joer nach kuerz eng Kéier Revue passéiere loossen. Well et wor en turbulent, opregend an ofwiesslungsräicht, mä och net ëmmer einfacht oder agreabelt Joer fir eis.

Wéi ech am März d'Présidence vu mengem Virgänger Dirk Sumkötter iwwerholl hunn, hu mir meng Confrère verséchert, datt d'Saach am Rulle wär an ech am Fong net vill méi ze dinn hätt, wéi heiansdo en Interview ze ginn. An och dat géif net dacks virkommen, well esou interessant wär d'Lëtzebuerger Buch fir d'Press awer net. Ënner deene Konditiounen hunn ech d'Présidence natierlech gär ugeholl.

Mir hätte vläicht solle stutzeg ginn, wéi eise Verband a puer Deeg drop op emol nieft der Grande-Duchesse an dem Caroline Mart op der Säit 3 vu „Lëtzebuerg Promi" opgetaucht ass. Wann op emol eng vun de wichtegste Press-Publikatiounen am Land sech esou fir d'Editeuren interesséiert, datt mir et bei hinnen op d'Säit 3 packen, hat dat dann ze bedéiten, datt ech dach eppes misst schaffen an der neier Fonktioun? Glécklecherweis wollt de „Lëtzebuerg Promi" an de Wochen dono dann awer keen Interview mat mir maachen. Dat wor och ganz gutt esou, well meng Confrèren an ech hätte guer keng Zäit fir esou eppes gehat. Mir haten nämlich zoufällig matkritt, datt den Educationsministère amgaang war, eng Anthologie mat Texter vu Lëtzebuerger Auteuren fir de Secondaire zesummezestellen.

Bal all déi Texter hat de Ministère mat vill Léift a Méi aus Bicher vu Lëtzebuerger Editeuren zesummegesicht. Mir hunn dat eng Super-Iddi font, mä leider hu mir dem Educationsministère misse soen, datt een, wann een Texter aus frieme Bicher kopéiere wëllt, fir d'éischt froe muss, ob d'Editeuren vu deene frieme Bicher och d'accord domatter sinn. Do war de Ministère ganz iwwerrascht a guer net frou.

Mir haten awer nawell ganz vill Réunioune mam Ministère, bei deenen eis entretemps och den Lëtzebuerger Schrëftstellerverband LSV mathëlleft, dat Ganzt z'explizéieren. De Ministère ass zwar nach ëmmer net esou richteg iwwerzeegt vun der Saach mat deene glungenen Droits d'auteur, mä mir sinn optimestesch, datt et, wa mir weider esou flott mateneen – an heiansdo och laanschteneen – diskutéieren, et enges Daags e Stéck gëtt an d'Anthologie finalement publizéiert ka ginn.

Mä soss hate mir wierklech net vill ze dinn. Déi national Bestsellerlëscht, déi mir jo schonn am November d'lescht Joer agefouert haten, huet sech bal ganz vum selwen etabléiert. Wat si mir frou, wa mir haut an eng Librairie kommen, an do fënnt ee vir bei der Entrée oder der Kees: d'Lëtzebuerger Bestsellerlëscht, an – nach vill besser: donieft, wou een et och gesäit: d'Lëtzebuerger Buch. Heiansdo steet et do zwar nach e bësse schei a verschotert tëscht dem Stieg Larsson, dem Amélie Nothomb oder dem Tolkien sengem „Klengen Hobbitt". Mä esou lues a lues wot d'Lëtzebuerger Buch sech aus sengem klengen Eckchen eraus. Dir wësst jo, deen Eckchen, dee fréier meeschtens iergendwou hannen an der Librairie louch, wou dat Wiertchen „Luxemburgensia" driwwergepecht ass a wou – dat ass elo kee Gejéimers vun den Editeuren, mä Statistik – plus ou moins 60% vun deene Léit, déi zu Lëtzebuerg liewen, ni virwëtze ginn. Mä mat der Hëllef vun der Bestsellerlëscht ass dat amgaang, sech lues a lues ze ënneren – dofir op dëser Plaz e grousse Merci un d'Librairen, déi an dëser Hisiicht an de leschte Joeren a virun allem an de leschte Méint immens Efforten gemaach hunn.

Och d'Press huet d'Bestsellerlëscht prima font, d'Zeitungen hunn se ofgedréckt an e ganz bekannte Radiosender hei am Land brëngt d'Lëscht all Mount esouguer an sengen Noriichten. A mat deem Geschéck sinn entretemps och e puer vun deene Leit, déi virdrun ni an de Luxemburgensia-Stëbseck gucken goungen, gewuer ginn, datt hei ze Lëtzebuerg:

a) iwwerhaapt Bicher publizéiert ginn, b) datt hei net nëmme Kachbicher a Trëppelguide publizéiert ginn, an c) datt et och zu Lëtzebuerg deen een oder anere Auteur gëtt, deen sech virun der auslännescher Konkurrenz net ze verstoppe brauch.

Wann also de Lëtzebuerger Auteur sich am Ausland net verstoppen muss, da sollt en sech logescherweis och do weisen, fir datt d'Ausland de Lëtzebuerger Auteur iwwerhaapt ka kenneléieren. An dofir gi mir jo och all Joer op verschidde Foire a Frankräich an an Däitschland, fir all Buch, dat hei am Land publizéiert gëtt, och dobaussen ze weisen. All Buch? Neen, net all, mä nëmme bal all Buch. Well, do gouf et dëst Joer e klenge gallische, pardon, e klenge lëtzebuergeschen Editeur, dee wollt net bei eis mat dobäi sinn a léiwer alleng op d'auslännesch Foire goen. Nujee, dat géife mir jo alleguer gär maachen, mä dofir hu mir leider keng Suen, well fir eis e schéinen eegene Editions-Stand zu Frankfurt oder zu Paräis ze leeschten, dofir verdénge mir hei ze Lëtzebuerg mol mat de Kachbicher net genuch. Dofir hu mir eis jo am Verband zesummegeschloss an de Kulturministère zesumme gefrot, fir eis zesumme als Verband z'ënnerstëtzen. An dat maache si jo frëndlecherweis och normalerweis.

Awer dëst Joer huet de Kulturministère op emol gemengt, wann de Verband vun de Lëtzebuerger Editeuren an d'Ausland geet, da kann en dach gläich och déi aner mathuelen, déi net Member sinn. Well, wou Lëtzebuerg dropsteet, do ass jo och Lëtzebuerg dran, an da kéint de Lëtzebuerger Editeurs-Verbands-Stand dach am Fong och gläich en nationale Stand vum ganze Land ginn. Da misst dann nämlech och de klengen Editeur bei eisem Verband matgoen, ob hien dat elo wëllt oder net – ob mir dat wëllten oder net, dat si mir fir unzefänken emol net esou richteg gefrot ginn. Mä bon – mir hätten do vläicht misse a bësse schlécken, mä mir hätten do schonn eng Léisung fonnt,

mir huele jo schliesslech och den CNL ëmmer mat op d'Rees, an denn ass och net Member.

De klengen Editeur wollt aber wierklech an op kee Fall mat eis matgoen, an huet sech fierchterlech opgereegt – virun allem an der Press.

Mammomamm, wat hate mir Editeuren op emol eng Präsenz an de Medien! Schonn no e puer Wochen wore mir bal esou populär – a virun allem esou beléift – wéi am Moment soss nëmmen nach d'Lëtzebuerger Doktoren.

Glécklecherweis hate mir awer net vill Zäit, fir eis iwwer de klengen Editeur ze iergeren. Mir hunn nämlech eis Zäit gebraucht, fir dem Ministère – also des Kéier dem Kulturministère, wuelverstan – ze explizéiere, wat bei deenen auslännesche Foiren den Ënnerscheed tëscht engem nationale Stand an engem Stand vun engem Verband ass. Datt ass e bëssen esou en Ënnerscheed wéi deen tëscht der Nationalequipe an der Jeunesse Esch oder dem F91 Diddeleng. Datt ass dach ze verstoen, oder?

Bon, mir haten entretemps ganz vill Réunionen mam Ministère an hu ganz vill diskutéiert, an et gesäit esou aus, wéi wann de Ministère déi Saach elo verstan hätt an sech vum nächste Joer un drëm bekëmmeren wëllt, datt mir Editeuren alleguer, sief et, datt mir am Verband sinn oder och net, op d'auslännesch Foiren dierfe goen. Dat heescht, si ginn Organisateur vun engem nationale Stand, also esou eppes wéi den Trainer vun der Nationalequipe, wou mir Spiller vun der Jeunesse Esch, der Etzella Ettelbréck oder och vum 1. FC Nouspelt dann dierfe matspillen. Mir wäerten si vum Verband aus an deer doten Démarche ferm ënnerstëtzen a si gespaant, wéi et gëtt, mä Haaptsaach, et gëtt e Stéck.

LËTZEBUERGER
BICHEREDITEUREN

LUXEMBURGER BUCHVERLEGER
ÉDITEURS DE LIVRES LUXEMBOURGEOIS

A wou mir scho bei der Nationalequipe sinn, komme mir, last but not least, och noch op eise Preis haut den Owend ze schwätzen: Wéi?, huet eng Lëtzebuerger Zeitung kierzlech gefrot – also net meng Confrèren oder mech, mä sech selwer: De Präis do heesscht „Lëtzebuerger Buchpräis“ an en ass awer nëmmen fir d'Memberen vun der Federatioun? Jo, dat ass richteg, sou ass et an deene plus ou moins 15 Joer, déi et dee Präis hei ënner verschiddenen Nimm scho gëtt, ëmmer gewiescht an dat war och ni e Problem, vu datt an eisem Verband déck méi wéi 90% vun den Editeuren a vun der nationaler Buchproduktioun vertruede sinn. Fir dem Präis awer eng nach méi staark Envergure ze ginn, wéi en se elo schonn huet, an och vläicht eng Kéier esou wäit ze kommen, datt 95% oder esouguer 96% vun der nationaler Buchproduktioun dobäi kënne sinn, wäerte mir eise Buchpreis vum nächste Joer un ënner Participations-Konditiounen, déi mir nach mussen definéieren, och fir Lëtzebuerger Editeuren, déi nët Member am Verband sinn, opmaachen. Mir hunn dowéinst de Moment ganz vill Réunionen an Diskussioune mat eis selwer – mä mir schaffe drun a mir sinn zouversiichtlech, et gëtt e Stéck.

Wéi Dir also gesitt, hu mir dëst Joer erëm eng Kéier domatter verbruecht, ze probéieren, dem Lëtzebuerger Buch eng nach méi grouss Visibilitéit a Präsenz ze verschafen – wa mir net grad a Réunioune soutzen. Dora gesi mir fir den Ament an och fir d'Zukunft nieft villem aneren eis Haaptaufgab. Eng Aufgab, déi mir niewt eiser eigentlecher Aarbecht an deene respektiven Editionshaiser mat groussem Engagement a guddem Wëlle leeschten – a gudde wéi a schlechte Zäiten.

A mir si frou, datt mir mat dësem Engagement fir d'Lëtzebuerger Buch net alleng sinn. Dofir op dëser Plaz nach eng Kéier e ganz grousse Merci un d'Gemeng Walfer, déi mat de Bicherdeeg en incontournabelt Evenement an eng Platform fir d'Lëtzebuerger Buch geschaf huet.

LËTZEBUERGER
BICHEREDITEUREN

LUXEMBURGER BUCHVERLEGER
ÉDITEURS DE LIVRES LUXEMBOURGEOIS

An och e ganz grousse Merci an déi Leit, déi sech op eng ganz besonnesch Manéier fir d'Lëtzebuerger Buch engagéieren. Esou Leit wéi de Pol Cruchten zum Beispill, deen dëst Joer eise Spezialpräis dofir kritt, datt hien dem Jhemp Hoscheit säi Roman „Perl oder Pica" op eng kongenial Art a Weis verfilmt an an d'Kinossäl – net nëmmen hei ze Lëtzebuerg, mä och am Ausland – bruecht huet. Domatter huet en e Lëtzebuerger Buch an d'Bewosstsäin och vun engem auslännesche Publik geréckelt. An anere Länner ass dat iwwregens méi wéi üblech, guckt nëmmen d'nächst Kéier, wann Dir an de Kino gitt, emol genee d'Vir- an d'Ofspänn vu de Filmer un, do stécht bal ëmmer e Roman oder eng Erzielung hannert dem Dréibuch. Mä een, deen dat hei am Land mécht, deen ass am Moment nach ëmmer eng Zort Pionéier. Wëlle mir hoffen, datt de Präis fir de Pol Cruchten déi eng oder aner Réunioun an Diskussioun tëschent Auteuren, Editeuren a Regisseuren ustéisst – fir datt mir an Zukunft nach vill méi schéin Owenter mam Lëtzebuerger Buch verbrénge kënnen, sief et doheem op der Couche mam Buch am Grapp oder „demnächst am Kino" – wa mir engagéiert dru schaffen, sinn ech secher, gëtt et e Stéck.

An dësem Sënn wënschen ech Iech e schéinen a spannenden Owend mam 5. Lëtzebuerger Buchpräis. Merci!

Susanne Jaspers

Präsidentin vum Verband vun de Lëtzebuerger Bicherediteuren,

Walfer, 18. November 2010